



Mar gi mir stëmmen/wielen

Mir sinn an der Zäit ni wiele gaang, mä 'stëmmen'; och typesch EISES. ☺

Fir d'allereischt sief emol **deer 'aler' Chamber nach eng Kéier e waarme Merci** gesot, déi eiser Sprooch definitiv déi Platz an der Constitutioun guff, déi eis Elteren, Grouss- an Urgrousselteren den 10. Oktober 1941 am Häertz, am Kapp an am Courage haten, fir den Nazifatzerten ze weisen, datt Lëtzebuerg a mir soss kengem gehéiere wéi ÄIS!

Glécklech alleguer déi, déi net ze fille brauche wat dat heescht. **Kuckt an d'Welt an déi sëlleche Länner, wou et keng Wiel oder just verfälscht Wahle gëtt**, an duerno grujeleg Diktaturen... da wësse mir, watfir eng Chance mir mar all-egueren hunn, fräi wielen ze goen; d'Fräiheit, eis eege Meenung ze soen, eng kritesch Oder ze behalen an ze liewe wéi mir wëllen. An deem Senn seet eist Nationallidd – et giff ee bal 'Nationalgebet' soen – LOSS VIRU BLÉNKEN D'FRÄIHEETS-SONN... dat och am Gedanken un all déi Länner wou et stachdäischter ass!

Bei deenen Iwwerleeunge spilt een Element **eng immens Roll: EIS SPROOCH**. Wat an de leschte 50 Joer mat hir an iwwer si geschitt ass, dat hätt een sech deemools net an deene kengsten Dreem ausmole kënne. Denkt emol vlächt e puer Minuten driwwer no, wou d'Lëtzebuergesch vrun e puer Dose Joer gestanen huet: net némme am Motz-Eck; am schudderäischtere Keller!

Gewëss: Mir haten dichteg Leit, déi hire Fläiss an en 'offiziellen' Dictionnaire investéiert hunn; et gullen och deemools dichteg Käpp, déi als déi schéinsten Texter a Gedichter geschenkt hunn... ower **wéi war et mat der Praxis beim Vollek, wou d'Sprooch hir Wuerzelen huet a wüsst?** Och déi beschte Wëssenschaft kann d'Vollek am Senn vun der Sprooch-Akzeptanz zu näisch zwéngen; dat kann nun emol némme **d'Aarbecht vun der Iwwerzeugung**... genee dat war a bleift nun emol d'Gewudders vun eiser Actioun-Lëtzebuergesch. Eis lëtzebuergesch Nimm op Stroossen- an Uertschaftsschëlter; Familien-, Geschäfts- a Veräinsannoncen, Lieserbréiwer an Zeitungen an TV-Texter héllefene eiser Sprooch besser 'an der Breet' wéi déi dichteg Schreiwerien a Gedichter... leider, mä et ass nun emol sou. **Eis 'KLACK', déi elo stramm op déi 300st an hir 30 Joer lassgeet, bewosst 'populär' an heinsdo 'stéppelg' gehal ass, ass bestëmmt net onschélleg bei der Evolutiou vun eiser Nationalsprooch.**

Mir hun hei am Land Leit aus Dosende vu Länner, natierlech och deemno Sprooch. **Et ass net grad liwreg fir ze mengen, do wier d'Franséisch d'Léisung fir sech all énnereeneen ze verstännegen**... wat natierlech näisch géint dem Victor Hugo seng immens Mammesprooch wéllt soen. Dofir gëtt et hei **verstännegerweis ower némme ENG Integratiounssprooch** fir all déi, déi bei als kommen; dräimol däerft Dir roden, watfireng dat ass!



Foto: LW-Archiv/Guy Wolff

Nach eng kleng 'Bäiluecht': Mir ginn da gewuer, datt Spuenien amgaang ass, bei der EU ze réselen, datt hir 4 regional Idiome sollen als offiziell EU-Sproochen unerkannt ginn; grad esou kénnte jo da Bayeresch, Sächsesch, Kölsch asw. och EU-Sprooch ginn; de 'Marseillais' an d'Bretonecht och. **Bei allem Respekt fir jidfer Idiom/Sprooch: Zevill an net genuch si keng Moossen.** Ee Gléck brauche mir dat wéinst eiser eemoleger Sproochsituatioun net, a solle just e puer klinzeg 'Sproochkamelle' froen. All de Rescht ass politescht Gestéppels a Gedéngels.

Eis AL ass/bleift neutral!

Et ka jo net dacks genuch énnerestrach ginn: **D'Actioun-Lëtzebuergesch war, ass a bleift aus der Parteipolitik eraus.** Natierlech heescht dat net, datt een als Member, vrun allem als Comitémember seng perséinlich politesch Meenung kann hunn. Wann e Member vun eisem Comité ower 'eng Plaz' an enger Partei huet, resp. op enger Parteilëschkandidéiert, kann hien natierlech 'einfache' Member sinn/bleiwen... ower net am Comité! Mir hoffen, dat ass däitlech genuch.

Eis Sprooch ass d'Saach vu jidfer Partei; mir hunn och dës Kéier alle Parteien e Froe-Katalog geschéckt an eis sproochlech Héllef offréiert. Si hu (bis op eng 'kleng') alleguer fein geäntwert, **an eis Membre kruten dee ganzen Dossier geschéckt.** Domat hu mir eis Schéllegeet respektéiert.

vum Lex Roth



Den DUDEN

Dir wësst, datt **den DUDEN d'Referenzwierz, souzesoen d'Steierrad fir déi däitsch Héichsprooch an deer hir Orthographie ass.** Déslescht war dann d'Chefredacteurin, d'Madame Dr.Kunkel hei zu Lëtzebuerg. Si huet, op d'Invitatioun vum 'Zenter fir d'Lëtzebuerg Sprooch' (ZLS) bei engem Gespréich matgemaach. Si wousst na-well zimlech gutt iwwer eis Sproochsituatioun Bescheid... an huet iwwerens eis 'KLACK' och kannt. Abeejo! Mir bleiwen do 'um Ball'.

Heesch dat dann elo, datt mir mat allem mussen d'accord sinn, wat den DUDEN am Däitsche patronéiert? Neen! **Wa mir däitsch/ franséisch/ englesch Ausdréck gebrauchen, da solle mir déi esou schreive wéi an den originale Sproochen, basta!** Soss wéissen eis Kanner mat de 4 Schoulsproochen net méi, wou si de Kapp hunn. Iwregens kénne mir als dat prima leeschten, well eis Sproochsituatioun a -praxis (positiv) mat kenger anerer ze vergläichen ass; dat kann esouguer d'Madame Chef fin vum DUDEN net gefillsmeisseg matkréien.

Mir sinn nu ma mia. ☺

De Rollator

Huet dir alt well dru geduecht, datt e 'Bengel'(dt. Gehstock) an eng 'Krätsch' (dt. Krücke) **e lëtzebuergesch Sproochgesicht** hunn? Elo hu mir dann dat kamoud Stéck mat Rieder drun, dat fir émmer méi Leit eng immens Héllef beim Goen ass. Niewelaanscht gesot: Jidfer Schluppert oder Drogemanni kritt d'Medikamenter géint seng 'Kränkt' vun der Krankekeess geschenkt, net ower déi Leit déi onschélleg Héllef beim Goe brauchen...

Mir wéissen net, wéi a wou et zu deem Ausdrock mat laténgeschem Klank 'ROLLATOR' komm ass; ower **hei ass eng prima Geleeënheet, déser 'Migenik'** eiser Nimm een ze maachen. Et ass am Fong e Staf dee 'rullt'; firwat dann net e méi lëschtege 'RULLI' hei draus schafen? Bei eis kleng Sprooch giff dat dach net esou iwwer passen, oder ...?



Foto: Shutterstock

Eis Sprooch an d'Schoul

D'Lëtzebuerg Sprooch huet a leschter Zäit **eng Roll an der Primär- an der Sekundärschoul kritt, déi si no deem freeschlechen 10. Oktober 1941 hätt misse kréien**, wéi d'Nazifatzerten 'd'Lach haten'. Et ass ewell méi dacks hei gesot ginn, datt aremséiglech Reiwerien téscht kompetente Leit dat verhënnert hunn... elo ass eis Sprooch fest an de Schoulprogramme verankert. **Mä dat 'a Musek' émzesetzen ass net esou einfach.** Da solle mir emol dat, wat besteet eranhuelen a verschaffen. **Mir hunn z.B. fir de 'gëllenén' Hierscht romantesch Texter, déi e Verglach mat deenen aus anere Sprooches gutt packen.** Dichter wéi de Jos Keup, den Nik. Hein, de Marcel Reuland, den Tit Schroeder hunn eiser Sprooch Hierscht-Texter geschenkt, déi sech net vru wonnerbarem Texter wéi de 'Feuilles mortes' vum Jacques Prévert brauchen ze verstopen. Si musse just d'Chance kréien, a Schoulprogramme lieweg ze bleiwen. A firwat net a Musek gesat ze ginn? Mir hunn dach Komponiste mat romantescher Oder ... oder?

Wierklech EISES!

Hei, wéi ewell dacks, e puer Beispiller... vun Honnerten:

Neelpätz: Nagelknipser; pince à ongles; nail clippers

dolaanscht: daneben; à côté de la plaque; off beam

mockeleg: behaglich/angenehm; agréable; pleasant

schréip(s)en: schrammen; égratigner/rayer; to scratch

... an da sicht emol selwer, wéi dës an anere Sproochen heeschen:

am Jumm: e Roff: rëffeg: eng Bloder: eng Ääss: eng Knupp: eng Knippchen:

eng Bëls: eng Strumm: de Schadder: e Kullang: eng Daachliicht: gouereg:

schuddereg; ginsseg(?): flappeg: katzeg: moosteg: vermengt: schnuddeleg:

schléi: knaschteg: koppeg: fachege: laudenhaar: verdruddledt: wënsch